FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Walspezial 1/5 : Bilan vun der CGFP (2020 - 2025)

Verdéngschter an Errongenschafte vun eisem Daachverband, der CGFP, wou d'FÉDUSE an alle Gremie staark vertrueden ass

✓ Substanziell Erhéijung vum Punktwäert

Zousätzlech zur Indexatioun, duerch déi Bruttopaien iwwert déi lescht 5 Joer nominal ëm ronn 16 % geklomme sinn, gouf de Punktwäert fir all Fonctionnaire an Employé duerch zwee Gehälterofkommes tëscht der CGFP an der Regierung ëm weider ronn 4 % erhéicht (ëm 1,95 % ab Januar 2023 an ëm 2,0 % ab Januar 2025). Am Januar 2026 wäert de Punktwäert nach eng Kéier ëm 0,5 % klammen.

✓ Substanziell Verbesserunge bei de Postes à responsabilités particulières

D'Unzuel un Enseignanten, déi eng Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières kënne kréie gouf vu 15 % op 30 % vum Gesamteffectif vum jeeweilege Groupe de traitement erhéicht. Zanterhier kënnen also duebel esou vill Enseignanten an de Genoss vun dëser Majoratioun kommen. Déi pensionnabel Majoratioun selwer gouf iwwerdeems ëm ganzer 48 % erhéicht, vun initial 25 op elo 37 Punkten (am Groupe de traitement A1).

✓ Erhéijung vun den Indemnitéite fir d'Examenskommissiounen

Nodeems d'Regierung am Joer 2013 d'Indemnitéite fir all déi staatlech Kommissiounen (z.B. fir d'Examenskommissiounen oder d'Programmkommissiounen) gekierzt hat, goufen dës ab dem Joer 2024 erëm ëm 15 % eropgesat.

✓ Ersatzloost Ofschafe vum Bewäertungssystem

Nodeems et der FÉDUSE schonn Enn 2018 gelonge war, dass d'Bewäertungsgespréicher am Enseignement secondaire opgrond vun engem juristesche Flou op Äis geluecht goufen, esou gouf de Bewäertungssystem am Januar 2023 komplett ofgeschaaft.

✓ Upassung vum Steierbarême un d'Inflatioun

Ënnert anerem duerch de energeschen Asaz vun der CGFP gouf d'Steiertabell ëm insgesamt 6,5 Indextranchen un d'Inflatioun ugepasst. Konkret bedeit dëst méi netto vum brutto fir jiddereen.

✓ Erhale vun den Acquis sociaux wärend der Pandemie an der Inflatiounskris

Wärend et an de kritesche Phase vun der Corona-Pandemie a vun der Inflatiounskris a munchem Secteur zu Sozialofbau koum, esou huet d'CGFP duerch hire vehementen Asaz all d'Acquisen am ëffentlechen Déngscht konnten ofsécheren. Besonnesch sief hei d'Erhale vum Indexmechanismus ervirgestrach.

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2025

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'KANDIDATE VUN DER CGFP-FÉDUSE

LËSCHT 1

GUIRSCH Mona

Professeur d'allemand à l'Athénée
Secrétaire générale et Trésorière FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Attachée à la direction et déléguée SFA
Formatrice IFEN
Assesseur élu de la CHFEP

HEYMANS Bob

Professeur de mathématiques au LJBM
Membre du comité de la FÉDUSE
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
Membre de la CNESC – mathématiques

KOHNEN Gilles

Professeur de chimie au LAM
Secrétaire de la FÉDUSE
Membre du comité fédéral de la CGFP
Conseiller didactique et formateur à l'IFEN
Membre élu de la CHFEP

SCHOLTES Raoul

Professeur de biologie au LCE
Président de la FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Président de la CNESG - Sciences naturelles
Vice-Président du Conseil Supérieur de l'Éducation nationale

D'Walziedele musse **bis den <u>26. Mäerz erëm zeréck</u> <u>am Walbüro</u>** sinn.
Dofir schéckt Äre Vote fréi genuch fort
an **erënnert och Är Kolleegen** heirun!

Duerch all Är 4 Stëmmen: Staark fir d'Enseignanten!